PIRATEN

Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Fernand ETGEN
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
18 JUIL. 2019
8 h 18

Lëtzebuerg, den 18/07/2019

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Famill an Integratioun, Kommunikatioun a Medien & Gläichheet tëscht Fraen a Männer weiderzeleeden.**

D'Piraten hunn an der parlamentarescher Ufro n°880 d'Regierung gefrot, wéi eng Datebanken insgesamt beim Staat existéieren a wéi eng Donnéeën hei gespäichert ginn. Et ass mir awer een Uleies komplementär dozou an am Kader vun den LGTBIQ-Rechter ze froen, ob an iergendenger vun den Datebanken beim Staat Donnéeën iwwert d'sexuell Orientéierung vun den agedroene Persounen opgefaasst sinn.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Ginn et Datebanken beim Staat, an deenen d'sexuell Orientéierung vun den agedroene Persounen als Kategorie opgefaasst ass? Falls jo, a wéi engen Datebanken ass dëst de Fall?

2. Falls Informatiounen iwwert d'sexuell Orientéierung vu Persoune an staatlechen Datebanke existéieren, ass d'Regierung der Meenung, dass d'Späichere vun dësen Informatiounen an ëffentlechen Institutiounen an Administratiounen vu Relevanz a Noutwennegkeet ass?
    - Falls jo, a wéi enge Fäll ass d'Späichere vun dësen Donnéeë relevant a noutwenneg?
    - Falls nee, ass d'Regierung bereet eng Revisioun vun allen Datebanken duerchzeféieren an d'Informatiounen, déi op eng sexuell Orientéierung hindeiten, ze läschen?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Famille, de l'Intégration
et à la Grande Région

Réf. 2019/6459

*Dossier suivi par :*
*Dominique Faber*
*Tél : 247 86540*

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
20 AOUT 2019

Luxembourg, le 19 août 2019

Le Ministre de la Famille et de l'Intégration

à

Monsieur le Ministre aux Relations avec le Parlement

**Concerne :** question parlementaire n° 918 de Monsieur le Député Marc Goergen

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire tenir en annexe la réponse commune du Ministère de la Famille et de l'Intégration et du Ministère d'Etat à la question parlementaire n° 918 de Monsieur le Député Marc Goergen, en vous priant de bien vouloir la transmettre à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments respectueux.

Le Ministre de la Famille et de l'Intégration

Corinne CAHEN

12-14, avenue Emile Reuter
L-2420 Luxembourg

Tél. (+352) 247-86500
Fax (+352) 247-86570

Adresse postale
L-2919 Luxembourg

www.gouvernement.lu
www.luxembourg.lu

**Äntwert vun der Ministesch fir Famill an Integratioun, vum Kommunikatiouns- a Medieminister a vun der Ministesch fir Gläichstellung tëschent Fraen a Männer op d'parlamentaresch Fro n° 918 vum Deputéierte Marc Goergen**

**1)**

Den zoustännegen *Commissariat du Gouvernement à la protection des données auprès de l'État* huet keng Informatiounen zur Verfügung iwwer Datebanken an deenen d'sexuell Orientéierung vun den agedroene Persoune spezifesch als Kategorie gefouert gëtt.

**2)**

Et ginn eenzel isoléiert Fäll, an den individuellen Dossiere vun der Verwaltung, wou perséinlech Informatioune betreffend der sexueller Orientéierung vun enger Persoun festgehale ginn. Dat am Fall, wou dës Informatioune relevant si fir déi gesetzlech fixéiert Missioune vun der zoustänneger Verwaltung oder fir e wichtegen Interêt. Dëst ass zum Beispill de Fall bei der *Direction de l'immigration* vum Ausseministère, am Kader vun der Asylprozedur, wou eng Persoun kann uginn, wéinst hirer sexueller Orientéierung an hirem Ursprongsland verfollegt ginn ze sinn, fir den Statut vum Refugié accordéiert ze kréien.

An dëse spezifeschen Dossieren ginn dann am *Office luxembourgeois de l'Accueil et de l'Intégration* (OLAI) Donnéeën iwwert déi sexuell Orientatioun vun den Demandeurs de Protection internationale am Dossier social vun de jeeweilege Persounen opgeholl. Am OLAI ginn dës Donnéeën awer net an enger Base de Données gespäichert a se sinn och nëmme fir d'assistants sociaux, déi sech ëm dës Mënsche bekëmmeren, accessibel.